I-2016-O-M-5016-01 (2747)

Dépôt: Claude Lamberty
15.Mäerz 2017
Débat suivant la déclaration gouvernementale Aktiounsplang fir d'Lëtzebuerger Sproach

1

**Motioun**

D'Chamber

vu

- datt d'Lëtzebuerger Sprooch op groussen ëffentlechen Interessi stéisst;
- datt et e politesche Konsens iwwert d'Noutwennegkeet vun enger verbesserter Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch gëtt;

bekennt sech

- zur Verankerung vum Lëtzebuergeschen als Sprooch vum Land an der neier Verfassung;
- zur Lëtzebuerger Sprooch als Integratiounssprooch;
- zu den dräi Amtssproochen mat dem Franséischen als legislativ Sprooch zu Lëtzebuerg;
- zur Méisproochegkeet wéi se e.a. am Sproochegesetz festgehale ginn ass;

begréisst, datt d'Regierung schonn eng Rei Mesure fir d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch ëmgesat huet;

begréisst, datt d'Regierung eng Strategie fir d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch ausgeschafft a presentéiert huet, déi 40 konkret Piste fir eng laangfristeg Sproochen- a Kulturpolitik zu Lëtzebuerg opweist;

fuerdert d'Regierung op

- de Gebrauch vun der Lëtzebuerger Sprooch weider ze férderen;
- an deem Sënn déi ausgeschaffte Strategie fir d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch konsequent ëmzesetzen a wann néideg un nei Erausfuerderungen unzepassen;
- esou séier wéi méiglech de Poste vum Kommissär fir d'Lëtzebuerger Sprooch ze besetzen an den „Zentrum fir d'Lëtzebuergescht" ze schafen;
- zesumme mam Kommissär fir d'Lëtzebuerger Sprooch an dem „Zentrum fir d'Lëtzebuergescht" den uviséierten 20-Joresplang auszeschaffen an en Zäitplang fir d'Ëmsetzung vun den eenzele Mesuren aus dësem Plang festzeleeën;
- no dräi Joer een éischte Bilan vun de Mesuren ze presentéieren.

Claude Lamberty

E. Berger

Claude ADAM

A. Bodry

M. Angel